



Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 7551 vum 6. Februar 2023 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Nancy Arendt an vun der honorabeler Deputéiert Madamm Martine Hansen.

Ewéi vun den honorabelen Deputéierten ervirgehewen, falen d'“Nikotin Pouches” net ënnert d'Tubaksgesetz, well des Produiten keen Tubak enthalen, obwuel se wéi oral Tubaksproduiten (Type SNUS Tubak, deen verbueden ass) proposéiert ginn an och konsumméiert ginn.

Nikotin Pouches sinn e kloert Manöver fir de SNUS-Tubak-Verbuet ze ëmgoen, an deem en ähnlechen Produit op de Marché bruecht gëtt, wou besonnesch die Jugendlech cibléiert ginn. Een aggressiven Marketing (op Concerten, an Kinoen, an verschiddenen Publicitéiten an Zeitungen), plus attraktiv Aromen, sollen die Jugendlech ulackelen. Dëst mam Resultat dass de staarken Nikotingehalt schnell ofhängeg mécht an zu Nikotinvergiftungen féieren kann.

- Leien dem Gesondheetsministère Zuelen zur Vente respektiv zum Konsum vun Nico-Pouches vir?

Wa jo, wéi vill Nico-Pouches ginn hei zu Lëtzebuerg pro Joer verkaf?

A wat fir Alterskategorie ginn déi meeschten Nico-Pouches konsuméiert?

Wéi vill Nico-Pouches ginn an der Alterskategorie ënner 18 Joer konsuméiert?

Wéi vill Nico-Pouches ginn an der Alterskategorie tëschen 18 an 30 Joer konsuméiert?


Dëse Produit ass relativ rezent bei eis um Marché opgetaucht. Zuelen zu de Venten zu Lëtzebuerg leien dem Gesondheetsministère aktuell net vir.

An Groussbritannien gouf eng Etude iwwert de Konsum vun Nicotine pouches vun der Action on Smoking and Health (ASH) duerchgefouert an publizéiert¹.

Laut där Etude hunn 3,2% vun der Populatioun Nicotin pouches schonn eng Kéier probéiert. 0,7% hunn de Produit weider kaf. Bei den Fëmmerten hunn 10% de Produit probéiert an 2,4% hunn en weider kaf.

D'Etude weist dass 4,2% vun den Leit an der Altersgrupp vun 18 bis 24 Joer de Produit schonn probéiert hunn. Dësweideren hunn an der selwechter Altersgrupp 1,2% de Produit weider kaf; fir d'Altersgrupp vun 25 bis 34 Joer läit den Taux bei 1%.

¹ <https://ash.org.uk/uploads/Awareness-and-use-of-nicotine-pouches.pdf?v=1667213473>)



Unweighted base: All GB Adults, 2022. Age 18-25 n=2,127, Age 25-34 n=1,856, Age 35+ n=9,105

Dëst weist dass zirka 1/4 vun deene Jonken, déi de Produit probéieren, en weider kafen. Dëst weist dat d'Attraktivitéit an de Suchtpotential vun de Nicotin pouches ganz bedenklech sinn.

- Ass de Verlaf vun Nico-Pouches hei zu Lëtzebuerg op eng aner Manéier reglementéiert, vu datt dat Produkt net ënnert d'Anti-Tubaks-Gesetz fält?

D'Anti-Tubaks-Gesetz gesäit effektiv keng Dispositiounen iwwer d'Nicotine Pouches vir an och keen anert Gesetz erméiglecht et dëst Produkt anzeschränken respektiv ze verbidden.

Wann nee, planzt d'Regierung, d'Vente an de Konsum wéinst dem héije Suchtpotenzial vun de Nico-Pouches op eng änlech Aart a Weis ze reglementéieren, wéi d'Tubaksprodukter?

Lëtzebuerg ass an enkem Kontakt mat den Nopeschlänner an och mat der EU Kommissioun fir e weidert Virgoen géint Nico-Pouches zesummen ofzestëmmen. Eng Optioun besteet effektiv doranner fir dës Produkter ähnlech wéi Tubaksprodukter, ze behandelen, an deemno och ze reglementéieren.

Wa jo, wäert d'Regierung de Placement vun Nico-Pouches direkt nieft der Kees vun de Butteker, do wou och d'Séissegkeete leien, iwwerdenken?

Eng Reglementatioun vun de Nico-Pouches géif och de Verlaf ewéi d'Publizitéit vun dese Produkter strikte Regeln ënnerwäerfen.

Lëtzebuerg, den 6. Mäerz 2023

D'Gesondheitsministesch
(s.) Paulette Lenert